

Zoom

D'STUDENTENZEITUNG



Iwwerbléck

REEL 2019 zu Oochen

04

Vum 3. bis de 6. Oktober dëst Joer ass déi 35. REEL fir déi véierte Kéier zu Oochen ofgehalen ginn, dëst an der schéiner Kaiserstad

35 Joer ACEL

06

Näischt schéngt definitiv géléist. Esou datt eng ACEL sécher nach weider 35 Joer gebraucht gëtt.

Guidë – De Studenteguide

09

Fir dir bei Problemer an deem Alltags als Student ze hëllef, bréngt d'ACEL dëst Joer fir d'éischte Kéier hiren neien „de Studenteguide“ eraus.

De Studentebal a neie Cercle

12

En halleft Joer Organisatioun, mat diversen Entrevuen a Meetingen. 5 Deeg Op- an Ofriichten zesumme mat de Memberscerclen.

Opruff GEZ a GIS

13

Mir siche Studenten, déi scho mat ähnleche Virwërf kontaktéiert goufen...

Fachspetifesch Cercle

14

Wichtig Membere vun der ACEL sinn déi fachspezifesch Cerclen,...



Podiumsdiskussioun REEL Oochen 2019

VIRWUERT

Léif Lieserinnen, Léif Lieser,

Am Numm vun der ACEL – De Studentevertrieeder freeën ech mech ganz härezech, Iech des Editioun vum Zoom virzestellen, déi am Kader vun der Foire de l'Étudiant erauskënnt.

Eng vun deene wichtegsten Aufgaben vun der ACEL ass et d'Schüler an d'Studenten z'informéieren, sief et iwwert hier Méiglechkeete studéieren ze goen oder wei si beschtméiglech d'Hürden an deene verschiddene Studentestied iwwerwannen.

Am Zoom kritt dir en Abléck iwwert d'Arbescht, déi de Piliër vun der Informatioun, der Representatioun an dem Regroupement dat ganz Joer iwwer geleescht huet.



Aurélie Nascimento
Vice-Presidentin Informatioun

Mir sinn houerreg dëst Joer erëm gewuess ze sinn: Mir hunn e neie Cercle opgeholl – de Cercle vun de Lëtzebuerger Studenten zu Oxford, Ohio.

Dëst Joer freeë mir eis besonnesch de 35. Anniversaire vun der ACEL ze feieren. Doderniewend hunn mir Ufank Oktober zesumme mat 150 Lëtzebuerger Studenten zu Oochen déi 35. Editioun vun der REEL zelebréiert.

Ee grouse Merci geet un all eis Cerclen a Partneren ouni déi mir eis Aarbecht net esou kéinten emsetzen wei mir dat an denen leschten Joeren gemaach hunn.

Mir wënschen Iech vill Spaass beim Liesen.



Dëst grouss Unzuel u Cercle mëscht d'ACEL zum Gréissten a wichtegste Studentevertrieder zu Lëtzebuerg.

WAT ASS D'AUFGAB VUN DER ACEL?

WAT ASS D'ACEL?

IWWER **40** CERCLEN
VERDEELT OP **8** LÄNNER
10 000 STUDENTEN

D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) ass ee Comité den aus Lëtzebuurger Studenten besteet, déi sech dofir asetzen, d'Schüler an d'Studenten aus dem Land iwwert déi verschidde Studiëgänger ze informéieren, se reegelméisseg zesummen ze bréngen an se, duerch ee permanenten Kontakt mat deene verschiddene Ministère, ze representéieren.


D'ACEL ass 1984 gegrënnt ginn an huet säit deem d'Zil verfollegt, dass d'Studente besser gehéiert solle ginn. D'Association ass vun do un net méi aus dem Lëtzebuurger Studentemilieu ewechzedenen. Haut vertritt d'ACEL iwwert 40 Studentencerclelen déi duerch ganz Welt verdeelt sinn. Et fënnt een se an Däitschland, a Frankräich, an der Belsch, zu Lëtzebuerg, an Éisträich, an der Schwäiz, a Groussbritannien, an Holland an an den USA. Dës Cerclelen empfangen d'Lëtzebuurger Studenten während hirer Studienzäit an hirer Studentestad a ginn de Studenten d'Méiglechkeet u flotten Eventer deelzehuelen.

Dernieft ginn et nach déi fachspezifesch Cerclelen. Dozou gehéieren d'Medezinner, d'Ekonomen, d'Juristen, d'Psychologen, d'Archivisten an d'Bibliothekären, d'Ingenieuren, d'Kommunikationsstudenten an d'BTS-Studenten.

MIR REGROUPÉIEREN

Ee vun den dräi Hauptziler vun der ACEL ass d'Studenten aus deene verschidde Stied zesummenzebréngen. Dofir organiséiert d'ACEL all Joers verschidden Eventer. Ee vun deene gréissten Eventer ass „**de Studentebal**“ deen all Joers am Juli stattfënnt. Mat sengem eenzegaartege Konzept bréngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditionen aus deene verschidde Studentestied zesummen.

Ee weidert Event ass den „**Tournoi de Noël**“ deen all Joers am Dezember stattfënnt an deene verschiddene Studentecerclelen d'Méiglechkeet gëtt, während 2 Deeg, am Basket, am Volleyball an am Fussball géinteneen ungetrieden.



Och d'**Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois (REEL)**, déi all Joer ronn 150 Lëtzebuurger Studenten an enger europäescher Studentestad zesummebréngt ass ee wichtegt Event wat d'Studente vereent.

MIR INFORMÉIEREN

Der ACEL ass et wichteg, dass d'Schüler a Studenten iwwert hier Méiglechkeeten nom Lycée oder nom Studium informéiert ginn.



Fir dëst Zil ze erreechen bringt d'ACEL all Joer zwou Publikatiounen eraus. Am „**Guide du Futur Étudiant**“ fannen d'Schüler all déi néideg Informatiounen iwwert déi verschidde Studentestied, wei och iwwert déi verschidde Formatiounen déi an deenen eenzele Länner ugebuede ginn. De „**Guide du Futur Diplômé**“ gëtt de Studenten eng ganz Rei vun Informatiounen mat op de Wee, déi hinnen de Start an d'Berufswelt erlichtere soll. Niewent dësen zwou Publikatiounen geet d'ACEL och reegelméisseg an déi verschidde Lycéeën uechtert Land fir d'Schüler iwwert d'Studien ze informéieren.

Fir de Schüler bei hirer Entscheedung iwwer zukünfteg Studien ze hëllefen, organisiert d'ACEL all Joer de „**Student fir 1 Dag**“. Hei hunn d'Schüler d'Méiglechkeet mat engem Bus an hier zukünfteg Studentestad ze fueren an sech op der Platz vun de Lëtzebuurger Studenten d'Stad, d'Uni an aner Reimlechkeeten weisen ze loossen.

D'Schüler kommen esou a Kontakt mat den Lëtzebuurger Studenten an kennen all hier Froen beäntweren loossen.

D'ACEL an hir Membercercle sinn och all Joer op der „**Foire de l'Étudiant**“, déi am November stattfënnt, vertrauen fir den zukünfteg Studenten esou vill wéi méiglech nützlech Informatiounen mat op de Wee ze ginn an hinnen all hier Froen bezüglech dem Studéieren ze beäntweren.



MIR REPRESENTÉIEREN

Nierwt dem Regroupement an der Information, vertritt d'ACEL d'Studenten virun den Autoritéiten a verdeedegt hir Rechter. An dësem Kontext steet d'ACEL a reegelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministère, ënner anerem dem Ministère fir Héichschoulbildung a Fuerschung, wei och dem Aarbechtsministère. D'ACEL ass awer net nëmmen national aktiv, mee hëlleft och Studenten am Ausland bei Problemer mat den Autoritéiten.

D'ACEL ass ideologesch a politesch neutral, dat heescht datt si keng bestëmmte parteipolitesch Meenung vertritt. Dat ass extrem wichteg, well d'ACEL dem Usproch, all d'Studenten ze representéieren, wëll gerecht ginn.

WEEN ASS D'ACEL?

Du hues dech schonn ëmmer gefrot wien alles hannert der ACEL stécht?
Hei hues du ee klengen Iwwerbléck iwwert eise Comité.



Pascal THINNES
President
Bauingenieurwesen
zu Kaiserslautern



Aurélie NASCIMENTO
Vice-Presidentin Informatioun
Conformité Audit Légal et
Gestion des risques zu Stroosbuerg



Sven BETTENDORF
Vice-President Regroupement
Chemieingenieurwesen
zu München



Nadja POENSGEN
Vice-Presidentin Representatioun
CCDL
zu Lëtzebuerg



Michelle HEYDER
Sekretärin
American Studies
zu Berlin



Benjamin KINN
Tresorier / Representatioun
Medezin
zu Frankfurt- am-Main



Benoît FRISCH
Responsable Informatique
Bauingenieurwesen
zu München



Christelle MAY
Informatioun
Management des Projets Internationaux
zu Stroosbuerg



Geraldine RISSÉ
Informatioun
Bildungswissenschaft
zu Wien



Lynn DUCHAMP
Regroupement
Biowissenschaften
zu Kaiserslautern



Cyrielle DAUMER
Regroupement
Psychologie du travail
zu Nanzeg



Max CLOSENER
Regroupement
Bauingenieurwesen
zu München



Myriam FELTGEN
Representatioun
Medezin
zu Bréissel



Max KASEL
Representatioun
Medien- a Kommunikatiounsmanagement
zu Heidelberg



Laura LOPES
Kooptéiert
Relations internationales
zu Bréissel



Lou PEPIN
Kooptéiert
Langue et littérature allemande
zu Lëtzebuerg

REEL'19 OOOCHEN



Vum 3. bis de 6. Oktober dëst Joer ass déi 35. REEL fir déi véierte Kéier zu Oochen ofgehalen ginn, dëst well déi lescht REEL zu Oochen schonn erëm 7 Joer hir ass an et allerhéchsten Zäit war, fir d'REEL an déi schéi Kaiserstad ze bréngen. Esou hunn sech viru bal engem Joer e puer motivéiert AVL'er getraff a konnten direkt en grouse Comité opstellen, dee mat vill Freed a mat grousem Äifer direkt lassgeleucht huet.

Duerch déi Stroossbuerger Konkurrenz ugedriwwen gouf sech vill Méi gemaach, en anstännege Programm op d'Been ze stellen. Mat engem opwennege Promotionsvideo ass Reklamme gemaach gi fir d'REEL op Oochen ze kréien. Op der Wanter AG vun der ACEL hu mir dann no laangem Baangen, dach dat kloert Wahlresultat kritt, dass d'REEL 2019 zu Ooche statt fanne wäert. Op dëser Platz nach en grouse Merci un all Cerclevertrieder fir hiert Vertrauen dat si an eis gesat hunn. En ganz Joer gouf fläisseg organiséiert sou dass mir op eng gelonge REEL'19 zrëckblécke kënnen. Offiziell Thema vun der REEL'19 war:

„Auswirkungen des wirtschaftlichen und gesellschaftlichen Drucks auf den akademischen Werdegang“

Donneschdeg 03/10/2019

Lass gong dat Ganzt Donneschdes Moies mat der Urees op Oochen. Fir dass eis REEL'aner net ze midd an d'REEL starte missten, huet dat ganz e bësse méi spët wei gewinnt ugefaangen an si konnten sech direkt mat engem Mëttegiessen am Restaurant *La Finestra*, dëst an Zesummenaarbecht mat eisem Stammcafé, dem *Kaktus*, stäerken.

Uschlëssend goufen eis Reelaner dunn am *A&O-Hostel* beim Hauptbahnhof aquartéiert. Hei konnten si sech vun de Strapazen, déi engem op der REEL esou begéinen, erhuelen an erëm fit a motivéiert an den nächsten Dag starten. Nieft



hiren Zëmmer hunn hei och e gutt gefüllte Welcome-Bag an de REEL T-shirt op si gewaart.

Wien schonn en puer mol bei der REEL derbäi war, deem ass vläicht opgefall, dass de Programm e bëssen anescht war wéi gewinnt. Nei war dëst Joer dass d'Partnerverträg schonn Donneschdes Mëttes ofgehalen goufen, dëst an der Hoffnung e gudden Androck op eis Partner ze maachen. Dëst war e vollen Erfolg, wat eis Partner bestätegt hunn, déi ganz zefridde waren.

D'Virtrëg an déi uschlëssend Partnerfoire goufen am *Eurogress* ofgehalen, wou d'REEL'aner déi eemoleg Méiglechkeet kruten an enger gemittelter Ambiance mat de Partnerfirmen a Kontakt ze trieden. No gudde Gespréicher mat de Firmen, wou sech vläicht deen een oder aneren eng Stageplaz oder esou guer en Jobangebot séchere konnt, war et mol héich Zäit fir ze feieren. Esou gong et dunn mam Bus an den *Hotel Europa* wou dann, wéi op enger REEL esou üblech, richtig gefeiert ginn ass. Och hei waren nach verschidde Firmevertrieder matkomm fir d'REEL'aner besser kennen ze léieren.

Freideg 04/10/2019

Freides Moies stoungen dunn d'Visitten ronderëm Oochen um Programm. Fir déi eng gong et fréi a Richtung Weisweiler op d'*RWE Kuelekraaftwierk*. Mat en bësse méi Schlof konnten déi restlech REEL'aner sech en Androck vum *Aachener Dom* an der *Domschatzkammer verschafen* oder am Wierk vun *e.Go* sech



d'Elektroaute weise loossen. Eng weider Visitt gong an d'*Fraunhofer Institut ILT*, wou all technesch Begeescherten op seng Käschte komm ass. D'Mëttegiessen war an eiser beléiften Pontstrooss an der *Vielharmonie*.

Nom lesse gong et dunn zu Fouss an den *Chico Mendes* wou d'ACEL hier Workshops ofgehalen huet. Hei konnten eis REEL'aner un dräi verschiddene Workshops deelhuele. Beim *Workshop CV* kruten d'REEL'aner erkläert op wat een oppasse muss a wéi ee säi CV opwäerten an interessant maache kann. Den *Workshop New Media* war méi fir Cerclé geduecht, déi sech iwwert d'sozial Medien an allgemeng no baussen hin presentéiere wëllen. Als drëtt Méiglechkeet gouf den *Workshop Sponsoring* ofgehalen, wou een alles iwwert dat korrekt Virgoen an Ufroen vu Sponsoring vermëttelt kritt huet. Duerno goufen an enger Pleniéer déi dräi Workshops zesumme gedroen a resuméiert.

No seriésem Schaffe war et dunn Zäit fir den traditionelle Rallye. Hei gouf sech wei ëmmer glänzend amuseiert an nieft dem Kenneléiere konnt een och déi schéi Platze vun der Stad Oochen entdecken. Leider huet dat typescht Oochener Wierder fir naass Féiss gesuergt. Hei wäerten och esou muncher dat gesond a bekannten Elisenbrunnen-Waasser nach laang an Erënnerung behalen. Endstation vum Rallye war am *Aposto*, wou mir dann och zu Owend giess hunn. Duerno gong et mam Bus op d'*Soirée Publique* an den *Starfish*, wou sech zesumme mat den Ancien'en an anere Lëtzebuerger, déi extra op Oochen komm waren, bis spët an Nuecht eran ameséiert.

Samschdeg 05/10/2019

Samschdes gouf sech an der Tenue-Correcte am *Super C* vun der RWTH getraff. Den Ufank vum offiziellen Dag huet den Educationen- an Héichschoulminister, den Här Claude Meisch mat enger Ried am Hibleck op d'REEL-Thema gemaach.

Duerno konnten och d'REEL'aner hier Froen un den Här Minister Meisch richten an hier Meenunge virdroen, wat zu enger flotter an interessanter Diskussioun gefouert huet, bei der sech vill REEL'aner zu Wuert gemellt hunn. Duerno gong et an de Restaurant *Haus am See*, wou mir en Dräigängemenu



zerwéiert kruten. Mëttes si mer dunn erëm zréck an de *Super C* gefuer wou d'Podiumsdiskussioun um Programm stoung.

Hei ass et dunn mat der Table-ronde, an der sech d'Invitéeë vun hirem professionelle Standpunkt aus zum offizielle REELs Thema geäussert hunn weider gaangen an esou si verschidde Punkten ugeschwat an aus diskutéiert ginn.

Als Invitée waren den Här Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche; den Här David Büchel, Expert de la Chambre des Salariés; den Här Tom Oswald, Coordinateur général du Ministère du Travail; d'Madame Doris Klee, Prorektorin für Personal und wissenschaftlichen Nachwuchs vun der RWTH an den Här Pascal Thinnès, Président de l'ACEL mat dobäi. Moderéiert gouf d'Diskussioun vum Här Fränk Kuffer. Leider huet sech den Här Nicolas Buck, Président de l'Union des Entreprises Luxembourgeoises, kuerzfristeg missen ofmellen. Un dëser Platz nach en grouse Merci un all eis Invitée fir d'Deelhuelen a fir hire fachleche Beitrag zur Diskussioun.

Ueschléissend si mer all zesumme bei d'Aachener Rathaus gaangen, wou mir eise Premierminister den Här Xavier Bettel musikalesch empfaangen hunn. Duerno huet eis den Här Oberbürgermeister Marcel Philipp an dem eleganten *Weißer Saal* vum Rathaus häerzlech begrüsst. No enger staarker Ried vum Premierminister Xavier Bettel, huet den Oberbürgermeister eis op en Patt invitéiert. An dem schéine Kader gouf dunn och profitéiert, déi offiziell REELfoto ze maachen. Iert et op d'Soirée Chic giong ass nach en Tëschestopp um *Katschhof* ageluecht ginn, fir bei engem Patt vun der schéiner Kulisse vum Dom an dem Rathaus ze profitéieren.

Ee vun den Highlights vun der REEL war d'*Soirée Chic am Quellenhof*. Hei hu mer eis et an engem chic'en an elegante Festsall gutt goe gelooss. Fir bescht Stëmmung huet eis Traditionns-REEL-Band, Zero Point Five gesuergt. Eisen AVL *Männerchouer* hat en Optrëtt, ënner anerem gouf vum Chouer och dat of zielt REELsidd an ofschléissend en Happy Birthday op 35 Joer REEL gesongen.



Ofgeronnt gouf dat ganz mat dem Uschneide vum Gebuertsdayskuch. De ganzen Owend gouf vill gedantz an eis REEL'aner hu vun der Fotobox profitéiert, fir eng sëllech Erënnerungsfotoen ze schéissen.

Sonndeg 06/10/2019

Um leschten Dag giong et dunn méi gemittlech erof. Gebruncht gouf am *Tijuana*, d'lessen gouf vum *Cafe Extrablatt* zerwéiert. Hei gouf och d'Wiel zum

Mister an zur Miss REEL'19 ageleet. D'REEL'aner konnten duerno entweder an der Schwemm relaxen oder un enger Wäindegustatioun am *Ponttor* deelhuele. A well de Reen eis trei bliwwen ass, huet missen déi méi sportlech Aktivitéit, de Soccer-golf, ofgesot ginn. Esou gouf da fir déi eng, eng spontan Visitt am *Kaktus* ofgehalen a fir déi aner giong et an de Kino.

Als Ofschloss vun der REEL'19 hu mer eis am Marschierter erëm zesumme fonnt. Hei stoung am passende Kader d'Rittermahl um Programm, wat vun eise Gaukler animéiert gouf. D'REEL'aner kruten hiren zum Rittermahl passende REEL-Cadeau. Och goufen hei d'Gewënner vun dem Rallye annoncéiert. Den Titel vum Mister-REEL'19 giong un de Max Closener an d'Anne Maringer konnt den Titel Miss-REEL'19



mat Heem huelen. Ofschléissend gouf de gesamte REEL-Comité virgestallt a jidderengem Merci gesot, deen zu dëser erfollegräicher REEL'19 bäigedroen huet. No engem gelongen an onvergiesslechem Owend hunn sech eis REEL'aner erëm all a Richtung Heem gemaach. Mir als REEL-Comité soen all de REEL'aner villmools Merci fir d'Deelhuelen an dass si sech och esou interesséiert mat an d'Diskusiounen integréiert hunn. Mir hoffen, lech huet et esou gutt gefall wei eis, an hoffen Dir konnt och déi eng oder aner nei Frëndschaft schléissen. Mir soen all eise Sponsoren e spezielle Merci fir all finanziell a materiell Hëllef. Ouni Är Ënnerstëtzung wier sécherlech eng REEL an dem Ausmooss net méiglech gewiescht. En weidere grouse Merci geet och un eis Invitéen, déi sech extra op Oochen deplacéiert hunn, fir un eiser Podiumsdiskussioun deelzehuelen. Merci och der ACEL, déi eis ëmmer gutt beroden huet an eis mat Virschléi an Iddien zur Säit stoung. Ee leschte Merci geet un eis sympathesch Buschaufferen, déi eis déi 4 Deeg iwwerall hin bruecht hunn.

Mir wënsche jiddwerfalls elo schonn dem nächste REEL-Comité alles Guddes a vill Erfolleg fir d'REEL 2020.

Jeff Medinger - Vice Tresorier REEL Comité



35 JOER REEL

Säit 1984 fënnt d'REEL (Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois) all Joer an enger anerer europäescher Stad statt. Dëst Studententrefe gëtt vun der ACEL an dem Studentencercel aus der betraffener Stad organiséiert.

Viru 35 Joer huet dat ganzt zu Karlsruhe ugefaangen an ass am Laf vun der Zäit zu enger eenzegaarterger Plattform vun a fir Studente ginn. D'Mëschung, déi d'REEL nach bis haut ausmécht, ass ee méi offiziellen Deel mat engem méi labberen an informellen Deel ze kombinéieren. Direkt fir déi éischt REEL hunn sech iwwer 100 Lëtzebuerger Studenten zesummefonnt fir am grouss Krees iwwer déi deemoleg Studenteproblemer ze diskutéieren. Dobäi huet sech de Besoin vun enger méi breeder a méi neutraler Studentevertriebung erauskristalliséiert. Dat war de Grondsteen fir d'ACEL, déi ee puer Wochen duerno, den 29. Dezember 1984 vu 7 verschidde Studentencercle gegrënnt ginn ass.

Deemools wéi haut ass d'REEL eng grouss Erausforderung. Dofir ass et kee Wonner, dass de Cercle, deen d'Éier huet, d'Delegatiounen vun den eenzele Cercle ze empfänken, gutt 10 Méint an d'Organisatioun investéiert, fir

Transport, Schlofen, lessen a Logistik fir bis zu 150 Studenten ënner een Hutt ze kréien. Fir des 35t Editioun hunn sech 31 motivéiert Membere vum AVL zesummefonnt fir d'REEL fir d'véiert Kéier zu Oochen ze organiséieren.

An Form vun Diskussiounen, Presentatiounen a Workshops gi gemeinsam mat dem Héichschoulministère an anere politeschen an ekonomesche Perséinlechkeeten liddie gesammelt a Léisungen ausgeschafft. Zousätzlech hunn eis Partnerfirmen d'Méiglechkeet hier Entreprise ze presentéieren an een éischten Austausch mat potentiellen zukünftege Mataarbechter ze hunn. De kulturellen Aspekt gëtt op der REEL och net vernoléisst. Um Programm sti Visitte bei renomméierte Firmen, kulturell Aktivitéiten an natierlech dierf d'Nuetsliwen och net feelen.

All Editioun vun der REEL ass een Erlefnis fir sech an erlaabt engem vill Erfarungen ze sammelen, ze deelen a vill nei Leit kennen ze léieren oder awer och Kollege vu fréier erëm ze gesinn. D'REEL ass sou eppes wéi ee riseg Puzzle, dee sech aus dausende Geschichten, Gesichter, Erlebnisse, Gespréicher, Debatten, Anekdoten an och Glieder Béier a Wäin zesumme setzt. Elleng schonn d'Tatsach, dass dës Plattform, aus der d'ACEL entstanen ass, bis haut nach ëmmer besteet, beweist d'Wichtigkeet vun dësem Evenement.

REEL's Comité 2019

- 1984 - Karlsruhe
- 1986 - Innsbruck
- 1987 - Paräis
- 1988 - Louvain-la-Neuve
- 1989 - Zürich
- 1990 - Kaiserslautern
- 1991 - Montpellier
- 1992 - Innsbruck
- 1993 - Stroossbuerg
- 1994 - Lëtzebuerg
- 1995 - Montpellier & Aix-en-Provence
- 1996 - Manchester
- 1997 - Köln & Oochen
- 1998 - Wien
- 1999 - Karlsruhe
- 2000 - Zürich
- 2001 - München
- 2002 - Bréissel
- 2003 - Tréier
- 2004 - Lausanne
- 2005 - Oochen
- 2006 - Stroossbuerg
- 2007 - München
- 2008 - Paräis
- 2009 - Karlsruhe
- 2010 - Zürich
- 2011 - Bréissel
- 2012 - Oochen
- 2013 - Stroossbuerg
- 2014 - München
- 2015 - Tréier
- 2016 - Kaiserslautern
- 2017 - Köln & Bonn
- 2018 - Bréissel
- 2019 - Oochen



D'ACEL, MÉI EWÉI ENG GENERATIOUN AL



ACEL
de Studentevertrieder

Wann eng Generatioun per Definitioun 30 Joer duerstellt, dann ass d'ACEL mat sengen elo 35 Joer esou al ewéi 1,16 Generatiounen. Um Ufank stoung eng REEL, eng „Réunion européenne des étudiants luxembourgeois“, vum 15.-17. November 1984 zu Karlsruhe. Dës Joresversammlung hat an huet nach haut eng (west-)europäesch Dimensioun. Leit, déi an europäesche Federatiounen engagéiert sinn, kennen dat: all Joer gëtt entzousch an Europa e Kongress organiséiert, wou et ëm Politik a Fortbildung geet, gekoppelt un e soziokulturelle Programm. Abee bei der ACEL, déi no der REEL de 29. Dezember 1984 gegrënnt gouf, leeft et net anescht, wann och Lëtzebuerger Héichschoullpolitik méi am Fokus steet.

Wéi eng Adjektiven kënnen d'ACEL no 35 Joer charakteriséieren? Aus ACEL-Vue: pragmatesch, konstruktiv, diskussiounsoppen, verhandlungsbereet. Revolutionär? Revolutionär un der ACEL war hir Grënnung 1984 an engem schwieerege politesche Kontext. Entweder war een deemools politesch riets oder lénks. Als Revoluzzer gesäit sech d'ACEL allerdéngs bis haut net, méischter als „Reformstau-Brieche“.

Haut huet e Verband vu Veräiner ewéi d'ACEL, duerch hir representéierte Cercle, iwwer 10.000 Memberen! Domat ass si kloer DE nationale Studentevertrieder. 2018 huet d'ACEL esouguer e Projet de loi mam Aarbechtsminister koproduzéiert.



Wat beschäftegt eng ACEL iwwerhaupt? Hei eng Auswiel aus Studentelieweproblemer, erausgepickt aus 35 Joer Geschicht:



- Bürokratesch Schikanen: Anschreiwungsfristen, Openhaltsautorisationen, Autoimmatrikulatioun, Rundfunkgebührebefreiung, etc.;
- Héichschoullpolitik allgemeng: Bologna-Prozess, Matsproocherecht, Gremievertriedungen, Aarbechtskontrakter bei Berufsfänger, etc.;
- Héichschoullpolitik, finanziell Ënnerstëtzung: Kreditter, Boursen, Familienzoulagen, Mobilitéit (Transportavantages), Logement, Diplomunerkennungen (Bac- / Uni-Ofschloss), Assurancen, etc.;
- Proffe- oder Studentestagen;
- Informatioun: Foire de l'Étudiant, Lycéesprésenz, Schülerreesen, Editéieren vu Material (Guide du futur Étudiant/Diplômé);
- Akademesche Chômage a Wirtschaftskrisenzäiten;
- Pensiounsuspréch duerch Unerkennung vu Studiejoeren.

All dës Themen beschäftegen d'ACEL ëmmer erëm. Näischt schéngt definitiv geléist. Esou datt eng ACEL sécher nach weider 35 Joer gebraucht gëtt.

De klengen Archivist



AACEL

PASCAL THINNES

35 Joer ass eng laang Zäit an der sech d'ACEL, d'Stëmm vum Lëtzebuerger Student, hei am Land etabliert huet. Dëst duerch eng professionell Aarbecht fir Studenten, konstruktiv Gespréicher mat der Politik an d'Verdeele vun Informatioun un Schüler. D'ACEL bléift mat Sécherheet de gréissten a representativste Vertrieder vun de Studenten hei zu Lëtzebuerg.

D'ACEL ASS FIR MECH...

CHRISTELLE MAY

D'ACEL ass fir mech léieren dengem Team seng Aarbecht ze schätzen an zesummen ee Wee ze fanne fir un d'Zil ze kommen.

POL LUTGEN

D'ACEL, d'Stëmm vun de Lëtzebuerger Studenten an de Beweiss dass ee mat konkreten a seriöuse Fuerderunge vill erreeche kann hei zu Lëtzebuerg.

GERALDINE RISSÉ

D'ACEL ass fir mech eng Associatioun, déi de Schüler a Studente mat Rood an Dood zur Säit steet fir hinnen hire Choix iwwer hire zukünftige Studien, respektiv hire Studienalltag ze vereinfachen an hinnen esou eng flott Studienzäit ze erméiglechen!

LOU PEPIN

D'ACEL ass fir mech ee Wee fir Kontakter a Frëndschaften am Lëtzebuerger Studienuniversum ze fannen an ze ënnerhalen.

TOM HERMES

An der ACEL aktiv sinn ass méi wéi just Engagement weisen, d'ACEL ass eng Schoul fir d'Liewen!

JENC THIRY

Der ACEL hier 3 Piliere sinn de Grondstee vum Succès zënter 35 Joer: ouni d'Studenten ze informéieren a se zesummenzebréngen fir hier Problemer ze kennen, kann een se och net representéieren.

BENJAMIN KINN

D'ACEL ass fir mech en Wee zesummen eppes ze erreeche wat eleng ondenkbar wier.

PASCAL THINNES

Eng Associatioun vun Lëtzebuerger Studenten aus ganz Europa, déi zesumme studentesch Problemer upaken a Solutiounen fannen, ouni de Spaass um Studenteliewen ze verléieren.

MAX CLOSER

Fir mech ass d'ACEL dat Beschte, wat der Lëtzebuerger Studentenszene konnt geschéien, well d'Studenten e Gesiicht an eng Stëmm krut hunn, fir sech kennen ze behapten, an sech e riesen Netzwierk opgebaut huet, wouvu jiddereen nach laang wäert profitéieren kennen.

AURÉLIE NASCIMENTO

Aarbecht
Comité
Engagement
Léift, Zesummenhalt a Frënn fir d'Liewen.

GILLES JOHANN

Am Comité vun der ACEL ze sinn, war net nëmmen haart Aarbecht, mee huet mer och vill Frëndschaften, vill Spaass a vill Campari Orange bruecht.

SVEN BETTENDORF

Flott Eventer organiséieren vu Studente fir Studenten, esou dass flott Erënnerunge geschafft ginn.

JENC THIRY

Säit 1984 representéiert d'ACEL d'Lëtzebuerger Studenten. Fir si dobäi ze ënnerstëtzen, gouf 2003 d'Amicale vun der ACEL gegrënnt. De But vun der Amicale ass et, de Studente mat hiren Erfahrungen zur Säit ze stoen an ze hëllefen, de Suivi vun den Ideen net ze verléieren, a natierlech och dono d'Ancien zezusammenzebréngen. www.aacel.lu



D'ACEL
a seng Cerclen


D'Lëtzebuurger Studenten
op der



DU HUES ENG FRO ZUM STUDIUM ODER ZU DER UNI?

Da komm op eis Stänn op d'Foire de l'Etudiant!

 Bibliothéikswiesen 3B12	 BTS 3D02	 Droit 3B31	 Ekonomie 3B21	 Geschicht 3C15	 Ingenieur 2B03	 Kommunikatioun 3B11	 LUNEX 3B01	 Medezin 3B32	 Psychologie 3B22
 Berlin 3B28	 Bingen 3B25	 Bonn 3B18	 Düsseldorf 3B37	 Freiburg 3B40	 Kaiserslautern 3C20	 Karlsruhe 3B09	 Köln 3B07	 München 3B17	 Oochen 3B16
 Rhein-Main 3B36	 Saarbrücken 3C24	 Tréier 3B08	 Würzburg 3B26	 Brüssel 3D16	 Léck 3D15	 Louvain-la-Neuve 3C03	 Fribourg 3D11	 Lausanne 3D03	 Zürich 3D10
 Aix-en-Provence 3A20	 Montpellier 3A04	 Nanzeg 3A24	 Paräis 3A05	 Stroosbuerg 3A21	 Innsbruck 3C11	 Wien 3C18	 Groussbritannien 3A08	 Holland 3B15	 ACEL 3C08
Dëst Joer nei mat dobäi:			 Aberdeen 3A09	 Heidelberg 3C25	 St. Gallen 3D09				



Weider Cercle
vun der ACEL:

(Leider sinn dëss Cercle net op der Foire)



USA



Baaschnech



Hamburg

GUIDE DU FUTUR ÉTUDIANT, DE STUDENTE-GUIDE & GUIDE DU FUTUR DIPLÔMÉ



Guide du Futur Étudiant

Du gees geschwënn studéieren? Dann ass de Guide du Futur Étudiant vun der ACEL genau dat richteg fir dech. An dëser Broschür, déi an Zesummenaarbecht mat eise 46 Members Cercle an op d'Been gestallt ginn ass, fënns du eng ganz Rei Informatiounen iwwer Studenten-tiestied aus 8 verschidde Länner.

An dësem Guide kriss du vun deene verschidde Cercle wichteg Informatiounen iwwert déi verschidde Studiëgänger an deene jeeweilege Studentestied, bis wéini a virun allem wéi s du dech op deene verschidde-nen Universitëten an Héichschoulen muss umellen, weis du am beschten eng Wunneng fënns a wei eng Eventer d'Cercle dat ganz Joer iwwert an hirer Studentestad ubidden. Niewent all deenen Informatiounen fënns du natierlech och de Cercle hier Kontaktdaten, falls du si kontaktéiere wëlls.

De Guide du Futur Étudiant informéiert dech och iwwert déi verschidde BTS-Studien déi s du zu Lëtzebuerg maache kanns.

Donieft gëss du an dësem Guide och gewuer weis du deng Studie kanns mat der Studiëbäihëllef vum CEDIES finanzéieren.

De Guide du Futur Étudiant kriss du all Joer gratis op der Foire de l'Étudiant um Stand vun der ACEL, an all Spuerkeessagence, beim CEPAS, beim CEDIES, an der Maison de l'Orientation esou wei an der Nationalbibliothék an online als PDF: www.ancel.lu/gfe

Bei weidere froe kanns du dech zu all Moment per E-Mail bei der ACEL: contact@ancel.lu oder direkt beim Cercle mellen.

De Studenteguide

Jidderee kennt et. Während der Studienzeit kommen munschmol Problemer op, déi eis vun eisem Alldag ofhaalen. Sou leit bemol een Bréif an der Boîte mat enger Rechnung vun der GEZ oder der GIS fir Rundfunkgebühren. Op anere Plätzen fällt dann schonn erëm eng Taxe d'Habitation un. Aner Studenten sinn nach ëmmer op der Sich no enger Wunneng. Fir dir bei sou an nach bei villen aneren Problemer an dengem Alldag als Student ze hëllefen, bréngt d'ACEL dëst Joer fir d'éischten Kéier hiren de Studenteguide eraus.

An dëser Broschür fënns du eng ganz Rei Informatiounen, déi dir während dengem Studium an 9 verschidde-nen Länner kennen nützlich sinn. Sou informéiert dësen Guide dech niewent de



Besouneschkeeten an denen verschidde-nen Länner och iwwert Wunnengssich, d'Finanzéierung vun dengem Studium an Krankeversécherungen. Doduerch, dass dësen Guide an Zesummenaarbecht mat eisen Memberscercle entstanen ass, fënns du an dëser Publikatioun Informatiounen aus éischer Hand.

Ab dem 7. November ass de Studenteguide op der Foire de l'Étudiant an als PDF op eisem Site ze kréien. Sécher dir also d'äin Exemplaire fir gutt an dein Studium eranzestarten an fir während deem op alles virbereet ze sinn.

Mir hoffen dass dësen Guide dir wieder hëllef a wënschen dir vill Erfolleg an dengem Studium.

Guide du Futur Diplômé

Du hues d'äi Premières-oder Unisdiplo-m an der Täsche an du wëlls elo schaffe goen? Dann fënns du am Guide du Futur Diplômé all déi wichteg Informatiounen déi dir bei dengem Start an d'Berufsliewen hëllefen.



STUDIEN-INFORMATIOUNEN

D'Schüler vun den Ofschlossklasse sti virun enger wichtiger Entscheedung. Et stellt sech d'Fro op se schaffen oder studéiere goe wëllen. D'ACEL engagiert sech d'Schüler iwwert hier Studiëméiglechkeeten a Kenntnis ze setzen.

Am Kader vun de Studieninfoe geet d'ACEL reegelméisseg an déi

verschidde Lycéeën uescht d'Land fir d'Schüler ze informéieren an hinnen op hier Froen bezüglech de Studiëgänger, den Unien an Heichschoulen an dem Studenteliewen ze beäntweren. Sech e Studiefach oder eng Studentestad erauszesichen ass sécherlech keng einfach Decisioun. Zum Schluss vu senger Lycéeszeit muss een da wichteg Entscheedungen treffen, esou dass een sech Froe stellt wéi:

„Wat soll ech studéieren?“
„Wat kann ech studéieren?“
„Wou kann ech studéieren?“

Während dëse Veranstaltungen deelt d'ACEL och seng Publikatiounen zum

Thema aus: De Guide du Futur Étudiant an de Guide du Futur Diplômé. Dës Guiden sollen de Schüler op hierem Wee an d'Studenteliewen oder bei hieren éischte Schrëtt um Aarbechtsmarché hëllefen.

Falls dir drun interesséiert sidd, datt mir och an äre Lycée kommen, an iech op äre Froen oder d'Froen vun äre Schüler äntweren, kennt dir lech gäre bei eis ënnert contact@ancel.lu mellen.



STUDENT FIR 1 DAG

De „Student fir 1 Dag“ ass all Joers déi perfekt Geleeënheet, de Lycéesschüler ze weise wat se op der Uni erwaart. Et kann een op enger oder méi Dagesreesen deelhuefen an déi verschidden Universitätsstied besichen. Als Schüler besonnesch op 1ière steet ee viru wichtege Entscheedunge fir d'Zukunft: soll ee studéiere goen oder net? Op wéi eng Uni? Wei ee Fach?

De Projet „Student fir 1 Dag“ bitt eng eemoleg Geleeënheet, d'Unien an d'Unisstied op eng ganz besonnesch Aart a Weis kennen ze léieren an deene Jonke bei hirer Entscheedung ze hëllefen.

De „Student fir 1 Dag“ huet dëst Joer an der Ouschtervakanz, vum 6. bis den 19. Abrëll, statt fonnt. Insgesamt hunn 391 Schüler de Wee an déi europäesch Nopeschlänner fonnt. Mir sinn zesumme mat de Schüler a ronn 19 verschidde Stied an Europa gefuer: de 6. Abrëll ware mir zu Nanzeg an zu Stroossbuerg, den 8. Abrëll zu Bréissel an Innsbruck, den 9. Abrëll zu Freiburg a Belval, den 10. Abrëll zu Karlsruhe an zu Heidelberg, den 11. Abrëll zu Saarbrécken an zu Wien, den 12. Abrëll zu Tréier an zu München, de 15. Abrëll zu Kaiserslautern an zu Zürech, de 16. Abrëll zu Köln a Bonn, de 17. Abrëll zu Oochen, den 18. Abrëll zu Frankfurt an zu gudder Lescht den 19. Abrëll zu Léck.

Um Programm stoungen d'Visitt vun den Uni'en a vun deene wichtegste Gebaier vum Campus, ewéi d'Bibliothéik, d'Hörsäll oder d'Administratiouns Gebaier. D'Visitte si mat engem lessen oder engem Patt am Stamm-Restaurant/Café vun der jeeeweilege Studentervereenegung op der Platz ofgeronnt ginn. D'Zil war et während dem ganzen Dag op all méiglech Froe vun de Schüler ze äntwerten an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn sech en Bild vun hirer zukünftger Unisstad ze maachen.

Du bass am Lycée an denks doriwwer no studéieren ze goen, mee weess nach net wou dann huel d'nächst Joer an der Ouschtervakanz um Student fir 1 Dag deel.

Hei nach wichteg Informatiounen:

Bis wéini kann een sech umellen?

Bis 2 Schaffdeeg virun der Rees, d'Plazen si limitéiert, déi éischt si fir!

Wat ass alles am Präis mat dran?

Bei all Rees ass de Programm an der jeeeweileger Stad souwéi e Mëttesiessen am Präis mat dran. Zousätzlech ass bei de Stied (mat Ausnam vun Innsbruck, Wien, München an Zürech) och den Transport mam Bus am Präis mat dran.

Ech sinn net op 1ère, dierf ech awer deelhuefen?

Jo, jiddereen de wëll dierf um Student fir 1 Dag deelhuefen.

Ween organiséiert de Student fir 1 Dag?

De „Student fir 1 Dag“ gëtt vun der ACEL an Zesummenaarbecht mat de Cerclen an de jeeeweilege Stied, souwéi Voyages Emile Weber organiséiert. An der Studentestad ginn d'Schüler déi ganzen Zäit vun de Lëtzebuerger Studenten aus der jeeeweileger Stad encadréiert.



Entdeck deng Zukunft



Deng Uni -
looss dir weisen,
wéi deng zukünftger
Uni ausgesäit



Deng Stad -
entdeck, wéi een
als richteg Student
lieft



Däi Liewen -
fänkt elo eréischt
richteg un



Umelle kanns du dech op acel.lu/sf1d

Kontakt : contact@acel.lu



WÉI FINANZÉIEREN ECH MÄI STUDIUM?

Studéiere goen, ob an d'Ausland oder net, ass net geschenkt an dofir gräift de Lëtzebuerger Staat de Studenten ënner d'Äerm.

Zu Lëtzebuerg këmmert de CEDIES (Centre de documentation et d'information sur l'enseignement supérieur) sech ëm d'Gestioun vun der finanzieller Hëllef, déi de Staat de Studenten ubitt. Du kanns e per Telefon oder E-Mail kontaktéieren, oder einfach am Service, dee vu méindes bis freides vun 8:00 bis 17:00 Auer op ass, laanschtgoen.



20, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg
Internetsäit: www.cedies.lu
Tel.: (+352) 2478 – 88628
E-Mail: aide-fi@mesr.etat.lu

WÉI VILL SUEN HUNN ECH ZEGUTT?

Déi finanziell Hëllef vum Staat besteet aus engem Deel „Bourse“ an dem Deel „Prêt“. D'Bourse ass deen Deel, deen een net zeréckbezuele muss. De Prêt muss een no sengem Studium

zeréckbezuelen. Et ass jidderengem fräi iwwerlooss, ob een de Prêt huele wëll oder net.

BOURSE

Basisbourse – 2.050 € pro Joer: All Student, deen op enger unerkannter Universitéit oder Héichschoul ageschriwwen ass, huet heirobber en Urecht.

Mobilitéitsbourse – 2.510 € pro Joer: Kritt all Student, deen ausserhalb vu sengem Wunnsätzland studéiert an do Loyer bezilt.

Sozialbourse – maximal 3.894 € pro Joer: Jee nodeem, wéi héich dat besteierbart Akommes vun den Elteren oder besser gesot, dem Stot ass, an deem een ugemellt ass, kann ee bis zu 3.894 € Sozialbourse kréien. Deen Deel, deen een net kritt, kann een als Prêt ufroen.

Familljebourse – 512 € pro Joer: Kritt all Student, deen e Brudder oder eng Schwëster huet, deen oder déi am selwechte Stot ugemellt an och op enger Uni ageschriwwen ass. Dësen Deel vun der Bourse kritt een nëmme am Summersemester ausbezuelt.

Studiefraisen – maximal 3.700 € pro Joer: D'Aschreiwungs- a Studiekäschte vun 100 € bis zu maximal 3.700 € ginn zu jee 50% op d'Bourse an op de Prêt opgedeelt. Hei ginn allerdéngs 100 € fir Dossierskäschtchen ofgehalen.

Härtefall – 1.000 € pro Joer: Sollt ee sech an enger „situation grave et

exceptionnelle“ befannen, kann een eng zousätzlech finanziell Hëllef vun 1.000 € ufroen, dëst an engem Bréif un de „Ministère de l'Enseignement Supérieur et de la Recherche“ adresséiert, an deem ee seng Situatioun erklärt. D'Sue ginn zu jee 50 % op d'Bourse an op de Prêt opgedeelt. Diskutéiert ginn d'Härtefall an der Commission consultative de l'aide financière, an där ënner anerem och d'ACEL vertrauten ass.

PRÊT

6.500 € pro Joer: All Student ka 6.500 € Prêt ufroen. Deen Deel vun der Sozialbourse, deen een net kritt, kann een och als Prêt ufroen. Dësen ass op maximal 2% Zënse gedeckelt an ass zwee Joer nom Studium an enger maximaler Zäitspan vun zéng Joer zréckbezuelen.

WICHTEG: Dës Montante kënnen jee no Index variéieren.

DEADLINE:
Wantersemester:
vum 1. August bis den 30. November
Summersemester:
vum 1. Januar bis den 30. Abrëll
WICHTEG!

All Dossier, deen net komplett ass, gëtt eréischt ganz zum Schluss traitéiert!

Fro deng Bourse och am beschten den éischte Mount schonn un, well do sinn d'Waardezäiten net esou laang ewéi kuerz virun der Deadline.

WAT MAACHEN ECH, WANN ECH KENG ADRESS MÊI ZU LËTZEBOURG HUNN?

Wann s du d'CEDIES-Bourse ufroen wëlls, brauchst du eng Adress zu Lëtzebuerg. Wann s du awer zum Beispill aus dem Foyer kënns oder net méi d'Méiglechkeet hues, bei dengem Elteren ze wunnen, kanns du dech an der Maison Eisenborn vum Service National de la Jeunesse (SNJ) umellen. Esou behäls du eng Residenz zu Lëtzebuerg, wat dir erméiglecht, d'Bourse beim CEDIES unzefroen. Hei hues du och d'Méiglechkeet, während de Weekender oder an de Vakanzen ee vu 17 Zëmmer ze kréien an do ze wunnen. Zu deenen Zëmmeren zielen eng Gemeinschaftskichen, en Openthaltsraum an e Gemeinschaftsbuedzëmmer. De Loyer ass relativ gönschteg an erlaabt et engem, seng Wunneng am Ausland weiderbezuelen. Du kanns ausserdeem och just e Raum kréien, fir deng perséinlech Saachen ënnerzestellen. Déi eenzeg Kritären, déi een als Student muss erfëllen, fir seng Demande beim SNJ kënnen ze maachen ass, dass ee muss am Ausland studéieren, dass ee keng Adress zu Lëtzebuerg dierf hunn an dass ee wëlls huet, e Lien zu sengem Ëmfeld zu Lëtzebuerg oprecht ze erhalen. Wann s du an esou engem Fall bass oder eng Persoun kenns, fir déi d'Maison Eisenborn eng Hëllef kéint sinn, da mell dech iwwer d'Adress [al.j. luxembourg@snj.lu](mailto:luxembourg@snj.lu)

LUAM-EN NEIEN DEEL VUN DER ACEL



Neierdéngs ass d'ACEL net nëmme an Europa vertrauten, mee huet en neie Memberscercle an Amerika. Op der Wanter-AG de 26. Dezember 2018 gouf de LUAM, The Luxembourgish Students at Miami, dann offiziell un d'ACEL affiliéiert. Den Cercle, deen



zu Oxford, Ohio, op der Miami University, doheem ass, ass domat den 46. Cercle, deen Deel vun der ACEL ass an domat regroupéiert d'ACEL elo Cercle aus 9 verschiddene Länner.

De LUAM ass eng wichteg Ulaftell an Informatiounsquell fir Leit, déi wëlls hunn an de Vereenegte Staaten vun Amerika ze studéieren. Dobäi kennt

och, dass de LUAM auslännesch Studenten, déi hiert Auslandssemester um Miami University Campus Déifferdeng verbréngen, mat Informatiounen iwwer Lëtzebuerg versuergen. D'Ziel ass et och d'lëtzebuergesch Kultur op engem anere Kontinent ze representéieren. Deementspriedend ass de Cercle en wichtigen Deel vum kulturellen Austausch tëscht lëtzeburger,

amerikanesch an aneren internationale Studenten. Nieft kulturellen Evenementer, wéi en European Dinner, sti spontan Aktivitéiten op hirem Campus wéi Sporteventer kucken ze goen oder Spillwenter um Programm.

Mir begrëssen de LUAM häerzlech an der ACEL a freeën eis op eng gutt Zesummenaarbecht.



E RÉCKBLÉCK OP DE STUDENTEBAL 2019

Den 12. Juli 2019 war erëm Party op der Wiss beim P+R Bouillon ugesot: DE STUDENTEBAL. Dëst Joer war et déi 19. Editioun vum traditionellen Open-Air Studentebal, organiséiert vu Studente fir Studenten. Déi perfekte Geleeënheet Kollegen erëmzegesinn. De Studentebal ass all Joers THE PLACE TO BE fir aktuell, fréier oder zukünfteg Studenten.

Zesumme mat senge Memberscerclen, war d'ACEL um 20.00 Auer prett fir déi éischt Gäscht ze empfänken, déi da bis



22.00 Auer vun der Happy Hour profitéiere konnten.

Am Ganze waren 33 Membercercle vertrueden, déi op 14 Stänn opgedeelt waren. Déi verschidde Stänn waren duerch eng extra Dekoratioun ze ënnerscheeden, mee awer och duerch déi kreativ Special Drinks. Do war fir jiddereen eppes dobäi, Shoten, traditionell Cocktails, méi speziell Cocktails a souguer Cider. Ausserdeem goufen et natierlech och Béier a Softdrinks. Fir d'lessen huet och ee Cercle gesuergt a baussen op der Terrasse Gegrills verkaf.

Wann ee kee Boergeld dobäi hat, konnt een um Site vum Studentebal wéi all Joer Suen ophiewen awer och an der Entréeskeess an an den Bongenkeessen mat der Kart bezuelen, wat dëst Joer eng Neiegkeet war. Et gouf also keng Excuse fir de Kollege kee Patt ausginn.

Dëst Joer hunn den DJ Nosi an den DJ VDG fir eng super Stëmmung gesuergt an d'Leit bis déif an d'Nuecht zum Danze bruecht. Déi gratis Late-Night Busser, déi extra fir de Studentebal vum Bouillon aus fortgefuer sinn, hunn och dëst Joer erëm eis Visiteure sécher heembruecht.

Um 3:00 Auer war de Bal dunn eriwwer a fir d'ACEL an d'Memberscerclen huet dann eng nei Aarbeschtsschicht ugefaangen. Mee wat stécht dann

hannert dem Studentebal? En halleft Joer Organisatioun, mat diversen Entrevuen a Meetings. 5 Deeg Op-an Ofriichten zesumme mat de Memberscerclen. Debriefings, Versammlungen, fir de Bilan ze zéien: Ronn 4000 Visiteuren.

Mir sinn immens houfreg op all eis Cercle, déi gehollef hunn de Site opzeriichten, de ganzen Owend fir d'Gedrénks an d'lessen gesuergt hunn, der ACEL gehollef hunn, d'Keesen ze maachen, an och nach gehollef hunn, nees alles ofzeriichten. Dofir nach emol e grouse Merci un all eis Cercle an och un d'Amicale, d'aACEL. Dee gréisste Merci geet awer natierlech u jiddereen, deen um Bal selwer war a matgefeiert huet.

D'nächst Joer feiert de Studentebal säin 20. Gebuertsdag an déi 20. Editioun ass dann och schonn am Gaang geplangt ze ginn. Mir hoffen natierlech, dass d'Joer 2020 och nees e grouse Succès gëtt. Mir freeën eis op iech!



INTERCERCLEN – GANZ WICHTEG FIR DEN ZESUMMENHALT VUN DE CERCLEN

a Beachvolleyball-Tournoien, kulturell Aktivitéite wéi Rallyen duerch d'Stied oder de Besuch vu Musek-Festivaller, an natierlech och stadspezifesch Bessnescheete wéi dem 11.11. zu Köln oder dem Oktoberfest zu München. Bei Intercerclen, déi méi wéi een Dag daueren, kënnen d'Studenten oft bei de „lokalen“ Studente schlofen an erliwen sou hautno d'Studenteliewen aus der jeweileger Stad.

Duerch déi vill verschidden Angeboter un Intercerclen entsteet en groussen Austausch vun Iddien an Andréck an enger gemittelter Atmosphär vun den ënnerschiddlechste Studenten. Sou ginn nei Cercleskollaboratiounen gegrënnt, déi Baler oder aner Eventer



organiséieren, Problemer opgeworf an diskutéiert an den Zesammenhalt tëscht de Cercle gestärkt. All dat appreciéiere mir als ACELs-Comité a

fërderen et aktiv, fir och an Zukunft en bont gemëscht Netzweirk vun de Lëtzebuerger Studenten ze hunn, déi ville Leit eng flott Studienzäit bidde kann.

Nieft den ACELs-Eventen wéi dem Studentebal, dem Quizowend an dem Tournoi de Noël ginn et an engem Joer nach vill weider Geleeënheeten, wou sech di verschidde Cercle treffen a mateneen Zäit verbréngen kënnen – an zwar d'Intercerclen. De Prinzip vun enger Intercercle ass relativ einfach: ee Cercle organiséiert a senger Stad en Event a luet alleguer déi aner Cercle a fir deelzehuelen. Sou komme vill Leit aus de verschiddenste Cercle beieneen, entdecken nei Stied a knäppen och nei Frëndschaften.

Déi Eventer, déi vun de Cercle organiséiert ginn, variéieren vu Stad zu Stad an och während dem Joer. Et gëtt sportlech Eventer wéi Soccergolf, Schivakanzen



Léif Studenten...



An Däitschland, stinn eng Rei Studenten déi hire lëtzebuergeschen Auto no 6 Méint net an eisem Nopeschland ugemellt hunn, ënner Verdacht Steuerhannerzëiung ze bedreiwen.

Dës Virwërf konnte bis elo an allen Fäll, duerch eng intensiv Zesummenaarbecht mam Solvit zeréckgewise ginn, allerdéngs besteet weiderhin d'Fuerderung den Auto an Däitschland unzemellen. Aktuell schafft d'Acel zesumme mat den zoustännegen Autoritéiten un enger durabler Léisung.

Fir dëse Fall besser ze behandele brauche mir är Hëllef!

Mir siche Studenten, déi scho vun däitschen Autoritéite mat ähnleche Virwërf kontaktéiert goufen, sou dass mir déi Dossiere kënnen era reechen. Nëmmen esou kenne mer och eng laangfristeg Léisung fir d'Studenten erreechen.

Gären si mir och fir wieder Froen erreechbar ënnert eiser Mail op contact@acel.lu oder per Telefon um 20-60-84-84.

...mir brauchen är Hëllef!

An Éisträiches ginn et Problemer mat den zoustännegen Autoritéite vun der GIS.

Studenten, déi vun der éisträichescher Bourse Sociale profitéieren, dierfen sech vun der GIS befreie loossen. Fir Studente mat enger lëtzebuergescher Bourse Sociale ass dëst allerdéngs net de Fall. Mir fannen dës Konditiounen diskriminéierend an hunn éischt Prozeduren ageleet. Sou ass et eis gelongen eng Befreiung ze erwierken. Fir dass dat net een Eenzelfall bleift, brauche mir elo är Hëllef!

Mir siche Studenten, déi an Éisträich studéieren an eng Bourse Sociale bezéien a bereet wieren, an Zesummenaarbecht mam SOLVIT, sech vun der GIS befreien ze loossen. Gären si mir och fir wieder Froen erreechbar ënnert eiser Mail op contact@acel.lu oder per Telefon um 20-60-84-84.



FACHSPEZIFESCH CERCLEN

Wichtig Membere vun der ACEL sinn déi fachspezifesch Cerclen, déi de Schüler a Studenten déi verschidde Fachrichtungen méi no bréngen.

ASSOCIATION LUXEMBOURGEOISE DES ÉTUDIANTS EN MÉDECINE



D'ALEM ass d'Vereenegung an Interesseverriedung vun de Lëtzebuurger Medezinsstudenten an Zänn-Medezinsstudente souwéi de Lëtzebuurger Veterinär- a Pharmakologiestudenten, egal ob se am Ausland oder zu Lëtzebuerg studéieren. Aktuell hu mir iwwer 300 Membere.

Wat maache mir iwwerhaupt? Mir beroden eis Membere wann si während dem Studium wëllen d'Land wiesselen oder wann si nom Studium zeréck op Lëtzebuerg komme wëllen. Mee och de Lycéesschüler hëllef mir bei der Orientéierung, ob Medezin de richteg Wee fir si ass.

Doriwwer eraus schaffe mir mat allen Acteure vum Lëtzebuurger Gesondheetssystem zesummen.

Wat ass äre Virdeel als Member? Nieft eise Petzikliniken a Students vs Dr. House Owender, ass den Training Day ee vun eisen Haaptevents! Ob Ouschtersamschdeg organiséiere mir e Formatiounsday, wou mer praktesch Ateliere wéi z.B. Reanimatioun, Bitzen, Blut ofhuelen a Sonographie ubidden.

An international? Mir huelen zwee mol d'Joer ob den General Assemblies vun der IFMSA (International Federation of Medical Students' Associations) deel wou vun der ganzer Welt Medezinsstudenten zesumme komme fir gemeinsam Projeten auszeschaffen.

Websäit: <https://www.alem.lu/>
Facebook: ALEM - Luxembourgish Medical Students' Association

ASSOCIATION LUXEMBOURGEOISE DES ÉTUDIANTS EN PSYCHOLOGIE



D'ALEP sëtzt sech dofir an, Psychologiestudenten aus Lëtzebuerg déi duerch ganz Europa verdeelt sinn, zesummen ze bréngen, ze informéieren an den Austausch ënnerteneen ze fërderen. Genee esou ass et och eis Aufgab interesséiert Leit a Schüler iwwert d'Studiefach vun der Psychologie opzeklären.

Iwwert d'SLP (Société Luxembourgeoise de Psychologie), d'EFPSA (European Federation of Psychology Students' Associations), an de Psychostudiegang vun der uni.lu, hu mir gutt Kontakter zur Aarbechtswelt a mat internationale Studentenassociatiounen. Eise Membere offréiere mir heiriwwer eis organiséiert Visitten an domadder Ablécker an de Beruff. Iwwert eis Internetsäit an eis eegen Zäitschrëft bidde mir Informatiounen zu aktuellen Themen, Stagen an Evenementer.

Membere déi gäre méi aktiv ginn, kënnen sech bei geleeëntleche Campagnë selwer abréngen, kleng Publikatiounen fir eis Zeitung "de Psycholo" verfaassen oder sech melle fir mat op de groussen EFPSA-Kongress ze goen. Wann s Du dorunner Interesse fënns, da maach mat - d'Psychologie brauch motivéiert Leit!

Websäit: <https://alep.lu/>
Facebook: ALEP - Association Luxembourgeoise des Étudiants en Psychologie

ASSOCIATION NATIONALE DES ÉTUDIANTS INGÉNIEURS LUXEMBOURGEOIS



D'Association Nationale des Étudiants Ingénieurs Luxembourgeois, kuerz ANEIL gouf 1958 gegrënnt an ass bis haut den eenzege Veräin, deen all d'Lëtzebuurger Ingenieursstudente vertritt. Als Ingenieursstudent kanns du un eise Visitte bei lëtzebuergesche Firmen deelhuele fir dir een éischt Bild vun der

Praxis ze maachen, a fir Studente vun aneren Héichschoulen ze begéinen. Nom Diplom oder während dem Studium bitt eis "Table Ronde" op Karfreiden eng gutt Geleeënheet, an engem ongezwongene Kader mat de Personalcheffe vun deene wichtegste Lëtzebuurger Entreprise Kontakt opzehuelen an eventuell en éischte Rendezvous fir en Stage oder eng Schaffplaz ze fixéieren. Iwwert dat ganz Joer informéiere mir och a Lycéeen d'Schüler iwwer hier zukünfteg Perspektiven. An zu gudder Lescht organiséiere mir eng Rees vun e puer Deeg an d'Ausland, wou mir eise Membere d'Méiglechkeet ginn, bei enger Visitt mat souwuel techneschem wéi och kulturellem Inhalt eng Stad oder eng ganz Region kennenzéieren.

Websäit: <https://aneil.lu/>
Facebook: <https://www.facebook.com/groups/ANEIL/>

ASSOCIATION NATIONALE DES ÉTUDIANTS LUXEMBOURGEOIS EN DROIT



Säit mëttlerweil 13 Joer schafft d'ANELD an enker Zesummenaarbecht mat hire renomméierte Partner, fir hiren 800 Membere während hiren Droitstudie flott Méiglechkeeten an Eventer kennen ze offréieren. Mir bidden dem Droitstudent aus dem éischte Joer bis hin zum CCDL Kandidat reegelméisseg interessant Geleeënheeten un fir néi Léit aus dem Milieu kennenzéieren, éischt Kontakter mat potentiellen zukünftigen Employeuren ze maachen, un Visitten deelzehuelen oder och mol an engem méi entspaante Kader e flotten Owend ze verbréngen. A well eis bewusst ass, dass der vill vun iech am Ausland studéieren, begrenze mir eis net just op eist klengt Ländche mee leeën och vill Wäert op eng gutt Zesummenaarbecht mat eise Partner am Ausland (London, New York, Paräis, Montpellier,...), fir all Student eppes kennen ze bidden.

Du bass Droitstudent an nach kee Member? Member ginn ass séier gemaach a gratis, du muss dech just ënnert folgendem Link enregistreieren: <http://aneld.lu/devenir-membre/>

Méi Informatiounen iwwert eis fënns du op <http://aneld.lu/presentation/>.

Websäit: <http://aneld.lu/>
Facebook: ANELD - Association Nationale des Etudiants Luxembourgeois en Droit

ASSOCIATION NATIONALE DES ÉTUDIANTS EN SCIENCES ÉCONOMIQUES ET COMMERCIALES



D'ANESEC oder "Association nationale des Etudiants en Sciences Economiques et Commerciales" vertritt d'Interesse vun de Lëtzebuurger Studenten, déi am Beräich Ekonomie, Gestiou oder Commerce studéieren.

D'Haaptzil vun dëser Associatioun ass et, den Iwwergang vum Studenten- an d'Beruffsliewen ze vereinfachen an esou hier Membere iwwert d'Opportunitéiten an der Aarbechtswelt ze informéieren, an de Kontakt mat den Entrepreneuren, déi an dësem Secteur tätig sinn, hierzestellen.

Nieft den traditionellen Evenementer, wéi Rencontre Entreprise-Etudiants (REE) oder de Business Day, organiséiert ANESEC och Networking Eventer a méi engem entspaante Kader, Visitte vun Entrepreneuren oder hier Summer Night.

Websäit: <http://www.anesec.lu/>
Facebook: ANESEC - Connecting future economists

ÉTUDIANTS LUXEMBOURGEOIS EN SCIENCES DE L'INFORMATION ET DE LA COMMUNICATION



Journalismus, Eventmanagement, Grafikdesign, Public Relations, Publicitéit oder Ähnlech? Ganz egal wou a wats du studéiers, den ELSIC „Étudiants Luxembourgeois en Sciences de l'Information et de la Communication“ vertritt all d'Lëtzebuurger Studenten am Beräich vun der Kommunikatioun

Eist Zil ass et een Netzwierk tëscht Studenten, Ancienene a berufflech aktive Leit aus deene Beräicher opzebauen. Den ELSIC erméiglecht Studenten en Erfahrungsaustausch, esou wéi zukünfteg Relatiounen ze entwéckelen. Lycéesschüler fanne bei eise Cercle selbstverständlech och eng wichteg Informatiounsquell iwwert d'Studiërichtungen déi mir verrieden. Mer deele reegelméisseg Stage a Joboffer an organiséieren och Visitten zu Lëtzebuerg.

Websäit: <https://elsic.lu/>
Facebook: Elsic - Kommunikatiouns & Informatiouns Studenten

ASSOCIATIOUN VUN DE LËTZEBUERGER GESCHICHTS-STUDENTE



D'Historic.UL, d'Associatioun vun de lëtzebuenger Geschichtsstudente setzt sech dofir an, eng Communautéit ze schafen an där sech geschichtsinteresséiert Studente vun der Uni.lu an awer och aus dem Ausland zesumme fanne sollen. D'Hauptzil vun der Associatioun ass et engersäits, duerch d'Plange vun ënnerschiddleche Veranstaltungen (mat oder ouni historeschem Besuch) d'Kollaboratioun mat anere Studenteveräiner op der Uni Lëtzebuerg ze verstärken a Beweegung an d'Studenteliewen ze bréngen, wat op der jonker Uni Lëtzebuerg immens wichteg an net ëmmer einfach ass.

Anerersäits setzt d'Historic.UL sech och dofir an, d Kommunikatioun tëscht lëtzebuenger Muséeën a

Geschichtsstudenten ze verbessern, wat de Studenten d'Méiglechkeet gëtt, Stagen ze maachen oder bei Visitten deelzehuelen, fir si och nieft hirem Studium esou wäit wéi méiglech mat Geschicht am wäitste Sënn a Kontakt ze bréngen. E weidere wichtege Punkt fir deen d' Historic.UL steet ass d'Kontinuitéit. Sou si mir op der Studentefoire wéi och op der Porte Ouverte vun der Uni Lëtzebuerg vertraueden, fir zukünftege Studenten de Fachberäich an de konkrete Studienoflaf ze vermëttelen.

Websäit: http://h-europe.uni.lu/?page_id=5201
Facebook: Historic.UL

LËTZEBUERGESCHE STUDENTE-CERCLE FIR D'BIBLIOTHÉIKS-WIESEN-, ARCHIVISTIK- AN DOKUMENTATIOUNSSTUDENTEN

JONK BAD

D'Jonk BAD ass de lëtzebuergesche Studentecercle fir d'Bibliothéikswiesen-,

Archivistik- an Dokumentatiounsstudenten. Eis Missioun bestinn doranner, Schülerinnen a Schüler op d'BAD-Beruffer opmierksam ze maachen, se doriwwer opzeklären an hinne bei der Auswiel vum entsprecheende Studium ze hëllefen. Och Quereinsteiger si bei eis wëllkomm a mir stinn hinne bei enger Neientéierung zur Säit. Mir ënnerstëtzen d'BAD-Studente beim Fanne vu Stageplazen a Studentenjobs, mir hëllefe bei Bewerbungen an natierlech beim schlussendlechen Iwwergank an d'Berufswelt. Mir stinn an enkem Kontakt mat eisen zwou "Mammevereenegungen", der ALBAD (Associatioun vun de Lëtzebuenger Bibliothekären, Archivisten an Dokumentalisten) an dem VLA (Veräin vun de Lëtzebuenger Archivisten), wat och en immens gudden Austausch tëschent de jonke BADs an den eelere BADs erlaabt.

Als Community si mir vill am kulturelle Liewen ënnerwee – eis fënnt een op alle méigleche Kulturmanifestatiounen iwwert d'ganz Joer. Mir sinn e relativ kleng Krees, mee dofir ëmsou méi bont an entgéint alle verstëbste Clichéen!

Facebook: Jonk BAD

LËTZEBUERGER BTS STUDENTEN



Lëtzebuenger BTS Studenten

Den LBS, de Studentencercle fir d'Lëtzebuenger BTS Studenten, gëtt et elo offiziell säit bal engem Joer. Mat gläich 200 Memberen, vun deenen 29 verschidde BTS Formatiounen setze Si sech dofir a vir dass d'BTS Formatiounen méi Opmierksamkeet kréien an si wëllen de Status vum BTS verbessern. Ee weidert Zil vum Cercle ass et déi verschidde Studenten aus dem ganze Land ze regroupéieren.

D'BTS Formatiounen no bausse méi bekannt ze maachen ass en wichtegt Thema. Dowéinst participéieren si och un Informatiounsdeeg a ville Schoulen, esou och wéi op der Foire de l'Etudiant wou Si zukünfteg Studenten an hiren Elteren zu Rot stinn.


Fir weider Froe kënn der si gäre kontaktéieren, si freeën sech iwwert all Zouwuess an Interesse vu ärer Säit.

Websäit: <https://lbs-bts.lu/>
Facebook: LBS - Lëtzebuenger BTS Studenten

RÄTSEL ZOOM 2019

ä = ae
ü = ue
ö = oe

1. Wéi vill Comitésmemberen an Cooptéen huet d'ACEL am Joer 2019 gehat?
2. Aus wéi engem US-Bundesstaat kennt den neie Cercle vun der ACEL?
3. Wéi vill Kéiere war d'REEL schonn zu Oochen?
4. U wéi eng Associatioun huet d'ACEL d'Halschent vum Gewinn vum Tournoi de Noël 2018 gespent? (Ofkierzung)
5. Wéi vill Joer Bestoe feieren d'ACEL an d'REEL 2019?
6. Wéi heescht de neie Guide, deen d'ACEL erausbruecht huet?
7. Wéi ee Cercle regroupéiert 6 Studentestied? (Ofkierzung)
8. A wéi engem Land studéieren déi meescht ACEL's-Comitésmemberen?
9. Wat ass dëst Joer souwuel eng Aktivitéit ob der REEL ewéi och eng Intercercle gewiescht?
10. Säit dësem Joer huet d'ACEL en neie Socialmediakanal, wéi een?
11. Wéi eng Faarf huet den T-Shirt vum ACEL's-Comité um , de Studentebal' gehat?
12. Wéi ee Cercle huet bis elo, am Joer 2019, zwou Intercercle organiséiert?
13. Wéi ee relativ neie Cercle huet dëst Joer fir d'éischt eng Intercercle ofgehalen? (Numm vun der Stad)
14. A wéi ville Länner huet d'ACEL elo Cercle?
15. Wat fir e besonnesche Géigend fënnt een am Logo vum LSHH?
16. Wéi eng europäesch Cerclesstad ass am wäitste vun der Stad Lëtzebuerg fort? (Loftlinn)
17. Wat gëtt am neiste Video vun der ACEL erkläert?
18. Mat wéi engem Cercle haten d'LESTLÉ an den ELAN en Stand um , De Studentebal'? (Ofkierzung)
19. A wéi enger Stad fënnt déi traditionell Intercercle ,Saufest' statt?
20. Wéi heescht d'Vice-Presidentin Representatioun vun der ACEL mam Virnumm?



IMPRESSUM

EDITEUR

Association des Cercles d'Étudiants
Luxembourgeois (ACEL)

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

Tel.: (+352) 20 60 84 84
www.ancel.lu | contact@ancel.lu

OPLAG

70.000 Exemplairen

KOORDINATIOUN

Aurélié Nascimento

REDAKTIOUN

ACEL Comité, REEL Comité, aACEL

Fir d'Form an den Inhalt vun den Artikelen
sinn eleng d'Auteure verantwortlech.

D'ACEL seet all de Leit, déi un dëser
Editioun matgeschafft hunn,
e grouse Merci!

FOTOEN

ACEL, Luka Grashoff, REEL 2019

LAYOUT

Saint-Paul Luxembourg S.A.

PUBLICITÉIT

Saint-Paul Luxembourg S.A.


Op der sich no enger

AARBECHT

oder engem

STAGE?

Job Portal ...



JE N'ÉTUDIE PAS UNIQUEMENT MON LOOK



Avec **axxess STUDY**, vous profitez de cartes de crédit, d'une carte de débit axxess valable partout en Europe, de solutions de financement pour vos études et de multiples autres avantages. Pour garder votre look et faire de votre parcours une réussite. Pour les jeunes de **18 à 30 ans** : conditions et infos sur **axxess.lu**

axxess STUDY
100% JEUNE. 100% VOUS.


SPUERKEESS